# LES SACRIFIÉS

Bulletin officiel du Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé





Foto: Monique Hermes


2 2013

Mee

53e année


## Monument um Fouss vum Kräizerbierg zu Gréiwemaacher

**FEDEF** – ***Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme***

## Invitatioun a Programm vum

# 52. Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten

## den 11. Mai 2013 zu Gréiwemaacher am Centre Sportif et Culturel

### Place du Marché-aux-Bestiaux

***ënner dem Motto: FEDEF goes ONLINE***

**Vun 14 Auer un am Centre Sportif et Culturel zu Gréiwemaacher:**

- Enregistréierung vun den Delegéierten[1]
- Receptioun vun den Invitéen

**14 Auer 30**

- Zeremonie mat Nidderleën vu Blummen a Sonnerie aux Morts beim Monument bei der Gréiwemaacher Gemeng, vun der Gemeng, der lokaler Sektioun an dem Nationalcomité

**15 Auer Nationalkongress 2013**

- Begréissung durch den President vun der Lokalsektioun
- Begréissung a Gedenkminutt durch de Nationalpresident Erny Lamborelle

*

### I. Assemblée générale vun der Federatioun

- Eröffnung vun der Generalversammlung
- Aktivitéitsrapport vum Generalsekretär Michel Ury
- Finanzrapport vum Caissier Paul Hermes
- Rapport vun den Keessereviseuren
- Neibestëmmung vun den Keessereviseuren
- Resolutiounen:[1+2]
  - o Approbatioun vun neie Memberen am Nationalcomité[3]
- Décharge vum Comité fir 2012/2013
- Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2015
- Fräi Ausprooch iwwer d'Enrôlés de force[4]

*

### II. Nationalkongress

- Interventioun vum President Erny Lamborelle vun der FEDEF (Fédération des Enrôlés de Force)
- Interventiounen vun den Éiregäscht
- Launch vum neinen Internetsite mat der Datenbank „Ons Jongen a Meedercher"
- Schlusswuert vum Buergermeeschter Léon Gloden

*

### III. Receptioun an Eierewäin offréiert vun der Gemeng Gréiwemaacher

---

1 Waat Zuel vun ären Kongressdelegéierten betrëfft, verweise mir op d'Statuten, laut denen all Member-Sektioun an Member-Associatioun 2 Stëmmen fir déi eischt 50 aktiv Memberen ze gutt huet, an eng zousätzlech Stëmm pro Tranche vum 50 weideren aktiven Memberen, déi op dem éischten Januar an der jeweileger Sektioun ageschriwwen waren.

Sollten méi Delegéiert vun ärer Sektioun oder Associatioun kommen, sinn si selbstverständlech wëllkomm, hun awer keen Stëmmrecht.

2 Wann är Sektioun oder Associatioun wëlles huet, eng oder méi Motiounen ze presentéieren, mussen déi onbedengt bis den 2. Mee 2013 schrëftlech dem Nationalcomité viirleien. Gëtt desen Delai verpasst, kënnen d'Motiounen nët op der Dagesuerdnung vum Kongress figuréieren a nët behandelt gin.

3 All Member-Sektioun oder Associatioun kann schrëftlech, spéitstens fir den Ufank vun der Assemblée générale, 2 Kandidaten fir d'Wahlen an de Nationalcomité proposéieren.

4 Interventiounen mat reng perséinlichem Charakter kënnen och nët während der Assemblée générale diskutéiert gin.

# Wëllkomm zu Gréiwemaacher!

Als Buergermeeschter vun der Stad Gréiwemaacher ass et fir mech eng grouss Freed, Iech alleguer, léif Zwangsrekrutéiert a léif Memberen vun der Federatioun a vun de Sektiounen, ganz häerzlech wëllkomm ze heeschen um Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten, Samschdes, den 11. Mee am Centre culturel zu Maacher.

Wien an der Muselmetropol „Zwangsrekrutéierten" seet, denkt un „Ons Jongen". Esouzesoen direkt nom Terror vum Zweete Weltkrich ass d'Sektioun gegrënnt ginn, an zënterhier setzt si sech konsequent an, fir datt d'Affer vun all de Maacher Jongen a Meedercher, déi tëscht 1940 an 1945 hiert Liewe fir d'Heemecht gelooss oder agesat hunn, net vergiess gëtt. D'Gemeng ënnerstëtzt d'Sektioun dobäi, wou a wa se kann.

„Esou laang ewéi d'Maacher Mauere stinn, esou laang wéi ëm de Kräizerberreg d'Riewe bléien, wäerte mir éis Komeroden net vergeessen an trei zum Land an trei zu éiser Heemechtsstad Maacher ston", sot den deemolege Sektiounspräsident Jules Sertznig, wéi am Juli 1956 de Kräizerbierg mat der Kräizkapell als „Monument aux Morts" vun der Stad Maacher ageweit ginn ass.

Zënter 1998 steet um Fouss vum Kräizerbierg e Gedenksteen, op deem ee liese kann: «Le Calvaire Kräizerberreg Monument aux Morts de la Ville de Grevenmacher – Sacrifiés 88 Enrôlés de Force – 28 Morts pour la Patrie – 7 Juifs assassinés aux Camps de la Mort – Victimes du Nazisme 1940-1945». Virun deem Steen, deen 2009 versat a restauréiert ginn ass, wäerte bei Geleeënheet vum Kongress Blummen néiergeluecht ginn, an dat ass gutt a richteg esou.

Zënter 2006 erënnert hannen an der Kapell eng Plack u „50 Joar Monument ‚Fir Ons Jongen' ". U si gëtt och all Joer den zweete Sonndeg am Juli beim feierleche Gedenkgottesdéngscht geduecht, an dat scho bal 60 Joer laang.

Ech soen dem Comité vun der Ligue „Ons Jongen" – Sektioun Gréiwemaacher, Meechtem, Nidderdonven an Uewerdonven e grousse Merci fir hiren onermiddlechen Asaz an och fir d'Organisatioun vum Nationalkongress.

Schléisse wëll ech mat de Wierder vum deemolege Buergermeeschter Victor Prost, deen 1956 sot: „Am Numm vum Comité iwwerginn ech dëse Calvaire der Gréiwemaacher Jugend, séi soll dat Monument als en Hellegtom an Eieren halen a betreien." Dat soll och an Zukunft esou bleiwen.

Dem Kongress selwer wënschen ech vill Succès – an datt d'Affer vun allen Zwangsrekrutéierten onvergiess bleift.

**Léon Gloden**
*Député-maire*



# Umfangreiche Datenbank über Luxemburg und die Zwangsrekrutierung fertiggestellt

## FEDEF-Datei „Ons Jongen a Meedercher" enthält rund 19.500 Namenslisten von Personen, Organisationen und Ereignissen

Nach mehrjährigen minutiösen Recherchen durch Georges Even aus Ell, Mitglied des „Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé" und Autor mehrerer Sachbücher über die Zwangsrekrutierung, konnte das von der „Fédération des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme" (FEDEF) initiierte und finanzierte Projekt „Ons Jongen a Meedercher" (OJM) kürzlich fertiggestellt werden.

Ziel dieser Datenbank ist es, möglichst viele persönliche Schicksale im Zusammenhang mit der Zwangsrekrutierung zu erfassen und diese mittels moderner Kommunikationswege für jedermann schnell und kostenlos zugänglich zu machen. Zu diesem Zweck befindet sich eine eigene Internet-seite der nationalen Zwangsrekrutiertenföderation im Aufbau, die einen direkten Zugriff auf die Online-Datei „Ons Jongen a Meedercher" erlaubt. Diese Internet-Seite soll der jungen Generation und allen interessierten Personen eine einfache Möglichkeit bieten, bei der Suche nach einem Zwangsrekrutierten und dessen Schicksal in einer ersten Phase eine direkte Antwort zu finden. Bei tiefgründigeren Nachforschungen kann man dann andere öffentliche Stellen (Museen, Dokumentationszentren,




*Auszug aus der zukünftigen Internetseite der Fédération des Enrôlés de Force*

Nationalarchiv, u.a.m.) aufsuchen, mit denen übrigens in der OJM-Datei auch eine Vernetzung vorgesehen ist.

### *Zwangsrekrutierte, Refraktäre, Umgesiedelte und Verfolgte sind erfasst*

Rund 19.500 Namenslisten von Personen, Organisationen und Ereignissen, die allesamt im Zusammenhang mit dem Zweiten Weltkrieg stehen, sind in der Datenbank mit hoher Speicherkapazität (259 Go) erfasst. Derzeit sind dies 76.900 Dateien und 400.311 Dossiers. Bei den allermeisten Einzelpersonen, die archiviert sind, handelt es sich um Zwangsrekrutierte, doch werden auch Refraktäre, Umgesiedelte, Verfolgte oder Gefallene erwähnt.

In der Hauptsache beruht die Datenbank „Ons Jongen a Meedercher" auf den rund 4.500 Antragsformularen, die 1968 im Zusammenhang mit der Aktion für die Zuerkennung der „Médaille de la Reconnaissance Nationale" an die Zwangsrekrutierten ausgegeben wurden. Auf diesen Dokumenten haben diese damals ihre persönlichen Etappen im Reichsarbeitsdienst, in der Wehrmacht oder als Refraktär aktiert und auch jene Personen angegeben, die ihnen während den Kriegsjahren auf diese oder jene Art geholfen haben. Eine Kopie dieser von den Zwangsrekrutierten unterschriftlich beglaubigten Dokumente können in der OJM-Datei eingesehen werden.

### *Einmalige Dokumentsammlung für alle Interessenkreise*

In einer nächsten Etappe hat Georges Even in einer wahren Sisyphusarbeit folgende Personen und Dokumente in die Datei aufgenommen:

- eine Aufstellung der Personen, denen der Titel „Mort pour la Patrie" zuerkannt wurde bzw. die in Konzentrationslagern ums Leben kamen;
- eine vom ehemaligen „Rapatriement"-Ministerium aufgestellte Liste der Vermissten;
- eine Aufzählung der 67 Lager des Reichsarbeitsdienstes (RAD) mitsamt Lager- und Ortsnamen und einer Aufzählung der dort zwangsverpflichteten Personen;
- ein Verzeichnis mit dem Namen von 219 Ortschaften aus Luxemburg und dem Ausland, die mit Luxemburger Zwangsrekrutierten zu tun hatten;
- rund hundert Interviews in Wort und Bild mit Zeitzeugen;
- Auszüge aus circa 500 Büchern, Lokalbroschüren oder Zeitungen, die nach Kriegserlebnissen durchforscht und mit den Namen der jeweiligen Personen in die Datei eingefügt wurden;
- etwa 4.000 Totenbilder von gefallenen oder durch Kriegseinwirkungen gestorbenen Personen;
- um die 200 Briefe von Zwangsrekrutierten und einigen Kazettlern;
- ein in Zusammenarbeit mit der Stadt Luxemburg aufgestelltes Verzeichnis von etwa 800 Frauen, die als Bürgerinnen der Hauptstadt zum Reichsarbeitsdienst einberufen wurden oder Kriegshilfsdienst verrichten mussten.

Ganz allgemein sei festgehalten, dass keine „Freiwilligen" in der Datei figurieren bzw. aufgenommen werden. Ebenso werden sämtliche neu zu integrierenden Dokumente vor ihrer Veröffentlichung einer Kontrolle unterzogen.

### *Einfache Zugriffsmöglichkeiten auf unterschiedlichste Informationen*

Mit dem Zugriff auf die OJM-Online-Datei ergeben sich eine Vielzahl an Such- und Verwendungsmöglichkeiten.

So kann sehr schnell mittels einer Suchfunktion – sei es Name, Vorname, Ort oder Begriff – auf eine Einzelperson oder eine Gruppe zurückgegriffen werden. Über den Ortsnamen kann man das Schicksal der jeweiligen Lokalbevölkerung in Erfahrung bringen. Sämtliche Dokumente, Filme und Fotos können gratis heruntergeladen werden.

Für eine jede Sektion der „Enrôlés de Force" besteht darüber hinaus die Möglichkeit, ihre eigene Seite in der Datei durch die Veröffentlichung von Dokumenten, Fotos oder Filmmaterial zu vervollständigen. Nicht zuletzt aber wird auch der Zugriff auf Artikel in Zeitungen, Broschüren oder Büchern über lokale, regionale oder nationale Veranstaltungen im Zusammenhang mit dem Zweiten Weltkrieg ermöglicht.

Ausserdem kann die Zwangsrekrutiertenföderation auf der Internet-Startseite aktuelle Informationen, z.B. über Gedenkveranstaltungen, Versammlungen und neue Projekte, veröffentlichen.

### *Ausweitung des Informationsangebotes erwünscht und jederzeit möglich*

Nach Ansicht von Georges Even gibt es aus den Kriegsjahren noch viele unveröffentlichte Dokumente (Urkunden, Briefe, Fotos, Filme,

Zeitungsausschnitte, u.a.m.). Daher ergeht ein Aufruf an die Besitzer solcher Unterlagen, diese zur Verfügung zu stellen, damit sie in die Datei eingefügt werden können und im Sinne des kollektiven Gedächtnisses den kommenden Generationen erhalten bleiben. Zu diesem Zweck wird nicht unbedingt das Original benötigt, sondern es reicht ein einfaches „Scanning" zur Aufnahme in die OJM-Datenbank.

So wie im Gesetz vorgesehen, wurde der nationalen Datenschutzkommission die Inbetriebnahme der Datenbank „Ons Jongen a Meedercher" notifiziert.

*Logo der OJM-Datei*

Wer dieses einmalige, historisch wertvolle und zukunftsorientierte Projekt finanziell unterstützen will, kann dies durch eine Überweisung auf das Postscheckkonto CCPLLULL IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 der „Fédération des Enrôlés de Force" A.s.b.l., Luxembourg, tun.

Offiziell soll die Datenbank „Ons Jongen a Meedercher" den Sektionen anlässlich des Nationalkongresses am Samstag, dem 11. Mai 2013, in Grevenmacher vorgestellt werden.

(j-lo)

# 3. Februar 2013: Commemoratioun Massaker Sonnenburg

## Usprooch vum Erny Lamborelle, President vun Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten

Mir sinn hei zesummekomm fir den Affer vum Massaker vun Slonsk, dem deemolige Sonnenburg ze gedenken.

Slonsk steet fir eis als systematesche Massemord bei dem 819 Mënschen vun den Nazien ëmbruecht gi sinn!

Mir stinn hei virun 91 Käerzen: all Käerz steet fir ee jonken Zwangsrekrutéierten!

91 jonk Lëtzeburger!

91 jonk Lëtzeburger Jongen, déi hirt Liewen am frieme Polen gelooss hunn an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945.

91 jonk Lëtzebuerger, bluttjonk Lëtzeburger, de jéngsten, de Remy Kauffmann, gebuer den 8.8.1925 vun Hassel, 19 Joer al; den eelsten, den François Sieneburg, gebuer den 3.1.1920 zu Medernach, also kaum 25 Joer al!

91 Jongen, op den éischte Bléck anonym Nimm, dohannert stëcht awer all Kéier engt eenzelt grausamt Schicksal, a vill Leed fir 91 Familljen heiheem.

91 Jongen, déi brutal ermuert gi sinn beim gréisste Massaker vu Lëtzeburger am 2. Weltkrich, an dat 48 Stonnen ier Sonnenburg vun den Zaldoten vun der Rouder Arméi befreit gouf.

91 Käerzen déi stellvertriedend stinn fir all Zwangsrekrutéiert, déi och op anere Plazen kollektiv ëmbruecht gi sinn, wéi Hinzert, Sachsenhausen, Lyon, Diez, Frankfurt, Torgau, Köln, asw., mä och fir déi sëllichen Eenzel-Exekutionen vun eise Jongen a Meedercher!

Sonnenburg ass zum Symbol ginn fir d'Erënnerung un dat tragescht Kapitel vun der Zwangsrekrutéierung.

Iwwer 900 Prisonéier souzen do am Prisong well se sech der Herrschaft vun den Nazien widdersat hunn, sech gewiert hunn géint d'Schikane vun der Wehrmacht.

Well se veruurteelt woren wéinst „Wehrkraftzersetzung" zu 3-5 Joër; wéint Fahnenflucht zu 4-15 Joër Prisong, asw. Oft also nëmmen zu relativ kuerzen Haftstrofen vun puer Joer. Esou wäit wéi mir wëssen, war kee vun hinnen zum Doud veruurteelt.

D'Gefaangener aus dem Prisong zu Slonsk woren an der däitscher Rüstungsindustrie beschäftigt.

14 Stonnen-Aarbechtsdeeg, schmuel Iessratiounen, Krankheeten an Epidemien waren hiren Alldag an huet hir Unzuel drastesch deziméiert!

An der Nuecht vom 30. op den 31. Januar 1945 soutzen am Prisong vun Slonsk nach 823 Gefaangener, virun allem vu nëtdeitschen Natiounen.

Wat war do passéiert? An dëser Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945?

Et muss géint 10.00 Auer owes geweescht sinn! Beamten haten den Optrag vun dem SS Kommando krit, d'Prisonéier a Gruppe vu jeweils 10 Mann baussen um Haff durch e Spaléier vun arméierten Zaldoten – genau wéi en Trupp Béisten – ze dreiwen. D'Prisonéier waren an hire Prisongskleeder an hunn hëlze Schong gedroen.

Baussen am Haff sinn d'Prisonéier vun engem SS Kommando vun 10 Mann an Empfank geholl ginn.

Op deser Exekutiounsplaz huet den SS Offizéier d'Affer gedinn nidderzeknéien, de Kapp mat dem Gesiicht zum Buedem hin, op hir Aerem zu leën. Dann huet ëmmer en SS Mann een



*Wéi schon déi Joëre virdrun, huet de Chouer AKABELLA ënner der Direktioun vum Gilbert Kohn a mat Uergelbegleedung vum Marie-Josée Hengesch d'Gedenkzeremonie fir d'Affer vu Sonnenburg op eng wiirdeg an exemplarisch Manéier musikalesch encadréiert.*

nom aner vun de Prisonéier durch e Genéckschoss bestialesch ëmbruecht.

Aner Prisonéier hunn sech mam Gesiicht zur Mauer stelle missen, hir Hänn hanner dem Kapp.

Hannert hinnen, op der aner Säit vum Gank, stoungen SS an hun déi Gefaangen erbarmungslos erschoss.

Dëse barbaresche Massaker huet méi wéi 4 Stonnen gedauert. 20 SS hun 819 Prisonéier ëmbruecht!

4 Prisonéier si wéi duerch e Wonner um Liewen bliwwen.

Aus Berichter vu Veruurteelten aus dem Krich wësse mir, datt hir lescht Gedanken oft bei hire Leit, hirer Famill woren.

„Wäert jeemools ee gewuer ginn wat hei mat eis passéiert ass?"

Si hun dobei gedreemt a gehofft, datt Fräiheet a Fridden an hir Heemecht géifen zréckkommen.

*„Déi Doudeg stierwen fir zweet, wa mir se vergiessen"*, esou heescht et an engem Sproch.

Eh ben, dir 91 Jongen, mir wësse wat mat iech passéiert ass!

Dir huet dozou bäigedro, datt mir elo a Fräiheet an a Fridde liewen!

Dir 91 Jongen, an all Zwangsrekrutéierten, Jongen a Meedercher, all anner Nazi-Affer, och Zäitzeien déi nach ënner eis sinn, mir hu grousse Respekt virun iech, mir wäerten iech nët vergiessen!

# «SONNENBURG»

## Usprooch vum Abbé André Heiderscheid an der Krypta vun der Kathedral

Wéi ëmmer an de leschte Joëren dës Zäit, denke mer haut nees un d'Märtyrer aus eise Reien, déi virun 68 Joer, an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945, wéi d'Land scho Méint virdru vun den Amerikaner liberéiert gi war, zu wéinstens 91 am Wehrmachtzuuchthaus zu Sonnenburg vun der SS mat 728 aner Vertrieder vun ënnerschiddlechen Natiounen, kalbliddeg ermuert goufen. Mer denken u si fir si ze éieren an hinne fir hiren Heroismus fir d'Land a seng Leit eemol méi e groussen an déiwe Merci ze soen. All dat hu si verdéngt!

Mir däerfe si an hiert Beispill net an ni vergiessen. Och déi Zäit, déi nach virun äis an de Generatiounen no äis läit, däerf dat net. Well wat si geleescht hunn, ass e wichtegt an en deiert Stéck vun eiser Geschicht, eng Sail vun eiser Gesellschaft, vun eisem Land an eisem souveräne Staat!

Si hu mat allerleschter Konsequenz an héchstem Courage an Asaz „Nee" gesot zum barbareschen Nazi-Verbrieche vun der Zwangsrekrutéierung an duerwéinst mat hirem Blutt den héchste Präis bezuelt.

Si si fir d'Heemecht gestuerwen. Dat gëlt bei hinne Wuert fir Wuert bis op de Punkt hanner dem Saz!

An ech hänken dorunner un: Si si fir ëmmer an éiweg e Stéck vun der Heemecht ginn!

Si waren der eppes 91, déi zu Sonnenburg begruewe goufen. Awer si erënneren äis och un all déi aner aus eiser Mëtt, déi op engem aneren Dag, zu enger anerer Stonn op enger anerer Plaz vun den Nazi-Barbaren doutgemaach goufen a fir d'Heemecht a fir äis all gestuerwe sinn.

Si erënneren äis un déi wéinstens 253 aus de Gebuertsjoergäng vun der Zwangsrekrutéierung, déi esou, bal hei, bal do, ermuert goufen.

Dann un déi 1.258 vu méi ewéi 4.000 Lëtzebuerger Patrioten, déi net méi aus de Prisongen an de Kazetter heemkomm sinn.

Si erënneren un déi eppes 260, déi do wéinst Lëtzebuerg a fir Lëtzebuerg erschoss oder gekäppt goufen.

Si erënneren un eis iwwer 3.000 Zwangsrekrutéierter, déi hiert Liewen dobaussen an der Friemt brutal gestuel kritt hunn.

Oder och un déi 2.478 Judden, déi vun hei aus an d'„Vernichtungslager" geliwwert goufen a Lëtzebuerg net méi erëm gesinn hunn.

A si, déi Sonnenburger, erënnere ganz konkret un déi 19 Lëtzebuerger, déi just 2 Deeg no hinnen zu Sachsenhausen doutgemaach si ginn. Et waren dat, den 2. Februar 1945, 2 eiser Gendaarmen, 2 eiser Polizisten a 15 Jongen aus eiser Fräiwëllege-Kompanie vu virum Krich.

Si all si gefall un der Front fir d'Operstoe vun der Heemecht a Fräiheet a Souveränitéit. Si si gefall, mä si

hu gewonn a si hunn all matgehollef, äis d'Heemecht nei ze schenken!

Si si gefall, jo, mä si sinn net dout!

Si liewen am éiwege Gott – a laang scho bei deem, deen Här ass iwwer Liewen an Doud.

Si si gefall, jo, mä hiren Doud hat, mat den Ae vum Éiwege gekuckt, en déiwe Sënn an e grousse Wäert.

E war en Affer, jo, mä watfir eent!

E war net einfach nëmmen Zerstéierung, well e war, a senger leschter Realitéit, de Präis vun eisem Operstoen a Fräiheet an an Dignitéit.

E war de Präis fir d'Liewe vun engem neie, fräie Lëtzebuerg, senge Wäerter a sengen Idealer. – Dee Präis hu si bezuelt! A mir all profitéieren dervun.

Dech, éiwege Gott, bieden ech am Numm vun äis all: Schenk hinnen alleguer:

eise Bluttzeien,

eise Märtyrer,

eisen Heroën,

schenk hinnen nach an nach deen herrleche Loun, vun deem Christus äis Mënsche geschwat huet an deen's Du eleng ze verschenken hues.

An do si wëssen, déi Sonnenburger an all déi aner, do si wëssen, haut, an dëser Stonn, elo, dass si an hiert Affer, hir Dot an hiert Beispill, hiren Doud an hiren Heroismus vun äis net vergiess sinn, mä datt mir u si denken, si éieren an hinnen aus déifstem Häerz Merci soen!

Amen

# Meine Jugendjahre 1940-1945

## von Jos. Bausch †

***Teil 10 (Fortsetzung aus der vorherigen Nummer)***

### *Rumänien*

Am 7. Tag hatten wir in Rumänien unser neues Lager erreicht; hier lagen ungefähr 20.000 Gefangene. Alle Nationen waren vertreten, auch ein Luxemburger, Ady Goedert aus Bonneweg, den ich durch Zufall traf. Er war Schneider und konnte dort in seinem Beruf arbeiten, er war schon ein paar Wochen im Lager. Ich meldete mich beim Barackenbau und wurde sofort eingestellt. Alle diejenigen die arbeiteten, bekamen bessere Verpflegung. Ich wurde beim Bettenbau in einer neuen Baracke eingestellt. Hier konnte ich 2 Wochen bleiben, dann war aber unsere Arbeit alle und wir kamen zum Außendienst.

Wir hatten jetzt schon Mitte Oktober 1944, und es waren schon mehrere Transporte mit dem Zug ab nach Russland. Bis Ende Oktober gingen wir zu fünfzig Mann in die Stadt arbeiten und zwar beim Straßenbau; dort hatten wir es gar nicht so schlecht, denn die 4 Wachposten die mit uns gingen, waren auch zu gebrauchen.

Die Stadt hatte den Namen Kronstadt, und es waren vor vielen Jahren lauter Deutsche dorthin ausgewandert, ja die ältere Generation konnten alle Deutsch sprechen. Wir erhielten von den Bewohnern Rauchwaren, Brot und Zucker und von einem Mann erhielt ich 2 Schachteln Streichhölzer. In der 2. Woche war ein Rumäne der in meiner Gruppe war abgehauen und konnte unbemerkt verschwinden.

Erst am Abend, als wir in Vierer Reihe antraten, merkten die Russen, dass einer in der Mitte fehlte. Sechsmal wurde gezählt, aber es fehlte immer noch einer. Auf dem Rückmarsch zum Lager nahmen die Russen einfach einen älteren Zivilisten von der Strasse mit, der Mann wusste nicht warum. So hatten die Posten ihre 50 Mann komplett, um zum Tor hinein zu marschieren. Der arme Mann war jetzt Kriegsgefangener wie wir, weil dem andern die Flucht gelungen war.

Am nächsten Morgen wollte der Rumäne wieder mit uns in die Stadt, doch er musste im Lager bleiben. Wir hatten jetzt auch nicht mehr die Freiheit wie vorher, denn die Posten hielten jeden im Auge, vorher schauten sie nur den Mädchen nach die vorbeikamen.

Am 28. Oktober ging wieder ein Transport von 2.500 Gefangenen ab, wo auch mein Freund Ady dabei war. So blieb noch ein Transport übrig. Wir gingen noch 2 Tage nach außen arbeiten und da war es auch für uns geschehen.

### *Abfahrt nach Sibirien*

Auf Allerheiligen, am 1. November 1944, morgens früh wurden wir in Viehwaggons verladen. In jeden Waggon sollten 100 Mann kommen, doch unser Waggon war so ein zusammengewürfelter Haufen. Ein paar Oesterreicher, etliche Ungarn, der Rest Deutsche. So mussten wir zu 115 in unserm Waggon zurechtkommen. In den andern Waggons waren nur Polen, Rumänen, Tschechen und Ungarn. Wie wir uns erkundigt hatten, sollten wir in der Nähe von Jasi in ein anderes Lager kommen.

Sämtliche Lucken waren mit Draht zugebunden, so dass man nicht hinausschauen konnte. Ich mit den paar Oesterreicher bestiegen als letzte den Waggon und so blieb für uns nur noch bei der Tür ein Plätzchen frei. In der Mitte vom Waggon war ein Loch gemacht von etwa 20 cm Durchmesser für WC, welche Zustände! In jedem Waggon wurde einer als Waggonältester ernannt, dieser musste für Ruhe und Ordnung sorgen.

Bei uns wurde ein Oberwachtmeister ernannt. Er hatte 2 Decken in seinem Rucksack, eine davon nahm er heraus und setzte sich drauf, die andere ließ er im Sack: Wir saßen die ganze Zeit auf dem kalten Boden und

nach Allerheiligen war es ja nicht mehr gerade warm. Die Verpflegung war miserabel, übrigens wurde die Tür geöffnet und 4 Mann gingen dann mit zum Essenwaggon, um es in unsern Waggon zu tragen. Es war ein Behälter mit 25 l dünnem Kaffee, das reichte für jeden einen kleinen Becher, dann durfte aber nichts verschüttet werden. Dann noch ein Korb voll Brot, geschnitten in Scheiben von ungefähr 2½ cm dick, und jeder bekam eine Scheibe, das alles musste reichen bis abends gegen 5 Uhr. Dann wurden wieder von 4 Mann 2 Behälter mit Wassersuppe hingetragen, das eine Mal fand man eine Erbse drin, das andere Mal ein Kohlblatt, so erhielt jeder fast einen halben Liter von dem Zeug. Das war das Menü das wir jeden Tag bekamen.

Nach 4 Tagen mussten wir alle aussteigen, denn wir waren an der russischen Grenze. Dort stand ein Zug bereit, genau wie dieser war er eingerichtet, und jede Gruppe musste wieder zusammen in einen Waggon hinein. Ja, warum denn dieser Zauber, die russische Spur war 10 cm breiter, darum war es, nun war auch unser Traum aus, in Rumänien zu bleiben. Ich versuchte wieder als letzter einzusteigen, denn die bei der Tür lagen, kamen öfters dran, als Essenhohler, dann hatte man ein wenig Bewegung. So bekam ich auch denselben Platz genau bei der Tür, doch diesmal hatte ich Pech. Bei diesem Waggon war auf dem Boden eine Eisenplatte so breit die Tür war, zum Ein- und Ausladen.

Am Abend ging die Fahrt dann weiter ins Ungewisse, und ich mit noch etwa 10 anderen konnten mit dem Hintern auf der kalten Eisenplatte sitzen. Ja, um sich hinzulegen war für 115 Mann nicht Platz genug, und so saßen wir des Nachts alle auf den Hintern und einer nahm den anderen in den Schoss. Jede Stunde drehte sich dann der ganze Haufen einmal nach rechts, dann wieder nach links. Auch hier war bloss in der Mitte ein Loch als WC, und das schlimmste war, wenn dann nachts schnell einer zum Loch musste und über die andern mit den Stiefeln trampelte, dann ging das Geschrei los.

Am 2. Tag fragten wir den Oberwachtmeister, ob er uns nicht seine 2. Decke herausgäbe, um auf die Eisenplatte zu legen. Seine Antwort war stur „Nein, die bleibt im Rucksack. Ich will sie nicht voll von Läusen haben." Die anderen Gefangenen waren aber auch nicht mit seiner Antwort zufrieden und sagten, dann solle er sich mit der Decke dort hinlegen.

So verging ein Tag wie der andere, und am 12. November standen wir auf einem Nebengleis auf dem Moskauer Hauptbahnhof, denn während den 8 Tagen in diesem Waggon hatten wir uns so Gucklöcher durch die 5 cm dicken Bohlen mit einem Messer gebohrt. Ja, hier sollte nun Endstation sein, doch 24 Stunden vergingen ohne ausgeladen zu werden. Am Abend erfuhren wir von einem Polak aus dem Küchenwaggon, dass in dem Lager wo wir hin sollten kein Platz mehr sei, und so ging die Himmelfahrt weiter bis in den Ural, an die sibirische Grenze.

Von Tag zu Tag wurde es immer kälter, und durch unsere Gucklöcher sahen wir den ersten Schnee. Ja, es war Winter und die ersten Toten hatten wir in unserem Waggon zu beklagen. Die blieben bei uns liegen bis morgens oder abends beim Essenfassen; dann trugen 2 Mann sie in einen leeren Waggon, der nur für Tote bestimmt war, denn es lagen schon ein paar drin. Die Kleider der Toten legten wir auf die Eisenplatte, um nicht so die Kälte zu spüren.

Am drittletzten Tag der Fahrt, es war der 22. November 1944, war unsere Verpflegung alle und so wurde gehungert, es war schlimm, alles dass wir uns nicht an die Toten ran machten. Ja, vor Kälte konnte man nicht mehr sitzen.

Um uns etwas aufzuwärmen, marschierten wir im Waggon stundenlang rundherum und sangen sogar dabei, um auf andere Gedanken zu kommen. Die letzten 2 Tage bekamen wir auch nichts mehr zu trinken; es hatte den Anschein, dass sie uns alle in den Waggons umbringen wollten. Auf der Eisenplatte machten wir Feuer, denn sämtliche Streben hatten wir zu Spänen gemacht und konnten so den Schnee, den wir während der Fahrt mit einem Kochgeschirr an zwei Riemen anbanden, herauffischen. Doch von einem Kochgeschirr voll Schnee gab es noch keinen ½ Becher Wasser. Ein paar die noch bei uns am Sterben da lagen, fragten mich nach Wasser, das war das letzte was wir ihnen geben konnten bevor sie vom Tod erlöst wurden. Es war das Schrecklichste was ich bis dahin erlebt hatte. Etliche waren übergeschnappt und dann in der Nacht, wenn wir da lagen, sprangen sie auf und rannten mit den Stiefeln über uns hinweg. Der eine schrie: „Ich habe meinen Urlaubsschein, mein Flugzeug wartet auf mich, lasst mich raus." Andere wollten zu ihrer Frau und so ähnliche Worte. Die ganz schwer Betroffenen meldete der Oberwachtmeister den Posten, denn wenn der Zug anhielt kamen ein paar Posten, klopften an die Tür und fragten: „Keiner kaputt?" Wenn ja, dann wurde geöffnet und die Gemeldeten mussten hin zum Leichenwaggon, dort wurden sie erschossen und eingeladen. So hatte es aus unserem Waggon 7 Mann erwischt und 8 waren gestorben.

Es war grausam, denn am 24. November hielt der Zug auf freier Strecke, die Türen öffneten sich und aus unserem Waggon stiegen genau 100 Gefangene noch lebend heraus. Hier lag der Schnee etwa 30 cm hoch, und die meisten stürzten wie hungrige Wölfe in den Schnee und schluckten das eiskalte hinunter in den leeren Magen. Sie dachten nicht an die Folgen die dadurch entstanden. Nach ungefähr einer Stunde kam eine ganze Reihe Lastwagen angefahren und die wurden voll gepresst, denn sie schafften nur die Hälfte, die anderen wurden eine Stunde später abgeholt mit demselben Camion. Ein aufgestapelter Camion voll Tote, etwa 55-60 Stück wurden mit ins Lager gefahren und in einem großen Kellerraum aufgestapelt. Alle waren nackt, denn so schnell ja einer starb, stürzten wir uns über die Kleider her, ja, soweit waren wir runtergekommen, doch was tat man nicht um zu überleben.

Ich kam mit der 2. Ladung weg, und auf dem Camion standen wir so dicht aneinander gedrückt, und ich merkte vor Kälte nicht, dass während der Fahrt ins Lager einer auf meinen Zehen stand und so hatte ich die 2 dikken Zehen im 2. Grad erfroren. Wir

kamen sofort in die Entlausung, denn wir wimmelten nur von Läusen: Zuerst wurden wir glatt rasiert auf dem Kopf und am ganzen Körper, wo man ein paar Haare hatte. Unter der Dusche schmerzten mich die dicken Zehen und da sah ich erst, dass die ganz weiß waren. Dann bekamen wir russische Kleidung und anschließend eine warme Suppe in den leeren Magen und einen Becher Kaffee.

Dann wurden wir in die Baracken verteilt, dort waren so 3-stöckige Holzbetten ohne Strohsack und die Heizung war drin, also ein wenig temperiert. Es war ein Genuss, nach 24 Tagen sich wieder einmal langzulegen und zu schlafen, ohne Läuse zu knacken.

Am nächsten Tag begann die Registrierung. Sie dauerte 3 Tage, bis alle in die Kartei eingetragen waren. Vor 5 Tagen war der erste Transport hier angekommen, wo mein Kollege Ady dabei war. Er suchte mich schon am ersten Tag auf, und wir waren beide froh, dass wir die schwere Fahrt überlebt hatten. Er war vor 2 Tagen in die Kartei eingetragen worden, und er erzählte mir, dass er sich nicht als Luxemburger, sondern als Franzose aufschreiben ließ. Am dritten Tag war ich auch an der Reihe. In einer Baracke saßen 12 Sekretärinnen vor ihren Schreibmaschinen, und jede hatte einen Dolmetscher. Ich hatte das Pech, einem Deutschen Leutnant in die Hände zu fallen. Da ich ja auch ein wenig russisch verstand, verstand ich etliche Worte, die das Mädchen fragte. Als die Nationalität an der Reihe war, sagte ich sofort „Luxemburgski“, doch der Leutnant sagte „Nemski“. Das Mädchen wusste nicht mehr, was es tippen sollte. Ich zog meine Identitätskarte hervor und zeigte dem Mädchen dieselbe, doch es konnte unsere Buchstaben ja nicht lesen.

Der Leutnant sagte dann, es gibt kein Luxemburg mehr und befahl dem Mädchen „Nemski“ zu tippen; dann sagte ich, sie soll in Klammern „Luxemburgski“ tippen, was es auch dann tat. Ich wollte nicht Franzose angeben, wenn ich vielleicht auf die Probe gestellt worden wäre, mit meinem Französisch wäre ich ja gleich am Ende gewesen. So wurde alles getippt von meinen Eltern, Geschwistern, Beruf, von der Landwirtschaft, wieviel Vieh usw. Alles wurde aufgeschrieben.

Die ersten 6 Tage brauchten wir nichts zu arbeiten und konnten uns richtig ausruhen. Unser Lager war erst vor kurzem geräumt worden, denn es war ein Zivillager, was voll von Mädchen und Frauen war, die aus der Ukraine hierhin für 6-12 Jahre verbannt waren. Die waren alle in die neuentstehende Stadt Magnitogorsk in Erdbunker untergebracht, also schlechter wie wir.

Die ersten 2 Wochen wurden viele ins Revier eingeliefert, ja der kalte Schnee, den sie beim Ausladen haufenweise runterwürgten, rächte sich jetzt. Bei jedem Wasserhahn waren Schilder angebracht, dass nur gekochtes Wasser trinkbar sei, und von vielen wurde das nicht eingehalten, doch all die bekamen die Ruhr, und sie waren rettungslos verloren, denn im Wasser war Mangangehalt, und darum musste man es aus den warmen Kesseln nehmen.

*... (Fortsetzung folgt)*

# Noruff op de Robert Thilmany vu Réiden/Atert

## Grënnungsmember vun der der EDF-Sektioun Biekerech-Ell-Réiden



De 5. Januar 2013 ass de Robert Thilmany vu Réiden/Atert gestuerwen. De Robert gouf den 21. Mee 1925 zu Uewerpallen gebuer. Vum November 1943 bis de Februar 1944 huet hie missen an de „Reichsarbeitsdienst“ op Fladungen (Bayern, Däitschland) goen.

Aus den Opzeechnungen fir d'„Médaille de Reconnaissance Nationale“ vun 1968 ass ze gesinn, wéi duerno d'Krichsjoere fir hie verlaf sinn: Am Februar 1944 krut hie säi „Stellungsbefehl“ an huet missen bei d'„Wehrmacht“ op Prenzlau (D). Do huet hien déi éischt Ausbildung kritt an hien huet vun engem Congé am Juni 1944 profitéiert fir ënnerzedauchen. De Marcel Meyers vun Uewerpallen an de Georges Krier vu Sesselich bei Arel (B) hunn en iwwer déi belsch-lëtzebuergesch Grenz op Guirsch (B) bruecht. Do war hien bei der Famill Aug. Schmitz-Borschette verstoppt, bis den 10. September 1944 säin Heemechtduerf nees fräi ginn ass.

Säi Brudder Marcel, gebuer den 1. Juli 1921 zu Uewerpallen, hat net esou vill Chance. Fir ze verhënneren, datt seng Elteren Pierre a Virginie Thilmany-Mouschang, seng Schwëster Agnes, gebuer de 15. Mäerz 1927 zu Uewerpallen, a säi Brudder Joseph, gebuer den 10. Juni 1930 och zu Uewerpallen, géifen ëmgesiedelt ginn, ass hien zréck an de Krich gaangen. Am Januar 1945 ass hien un der Ostfront Kleingnie-Gerdauen am Alter vu 24 Joer gefall (Wehrmacht-Kasär zu Schwerin, mam Alex Peiffer vun Ell).

De Robert Thilmany huet d'ganzt Liewen op der Bank geschafft an ass 1985 als Gérant vun der BGL-Agence Réiden/Atert an d'Pensioun gaangen. Hie war net nëmme Grënnungsmember vun der „Section des Enrôlés de Force Beckerich-Ell-Redange“, mee hien huet sech och nach bis virun e puer Joër ëm d'Finanze vum Veräin gekëmmert. Laang Joëren huet hien de Fändel vun den „Enrôlés“ bei Kommemoratiounsfeieren gedroen.

Robert, mir wäerten dech nie vergiessen!

Amicale des Enrôlés de Force
Beckerich-Ell-Redange

## Zwangsrekrutéierten Sektioun Béigen-Houfelt

# Invitatioun den 5. Mee 2013 zu Knapphouschent

### Programm

**9.30 Mass fir déi liewend a verstuerwe Memberen**

- o an der Kierch zu Knapphouschent
- o gehalen vum Dechen Martin Molitor
- o gesongen vun den Choralen von Angelsbierg a Fëschbich

**Ab 10.30 Visite guidée vum Bunker**

- o mat Erklärungen vum leschten Zäitzeien Josy Turmes
- o zu Fouss erreechbar mat „gudde Wanderschong“, ca 1.000 Meter
- o déi Leit déi nik esou gutt zu Fouss sinn, gi mat Jeepen dohin an zréck gefouert. Meld ech dofir w.e.g. on beim Guy Diederich,

  GSM 691 920 598.



*Bunkerjungen Josy Turmes, Pol Berscheid, Jängi Keipes mat hirem Versuerger Néckel Schlesser*




*De restauréierte Bunker mat der Gedenkplack*

Duerno ëm ca 12.30 ho mär engt gemeinsamt lessen an der Robes-schéier zu Munsen.

Um Menu:

Crème de tomates
Rôti de veau „Prince Orloff“
Assiette de glace aux fruits frais
mat Kaffi

Präis: 28,00 €
jiddereen bezuelt selwer op der Plaz.

Meld ech on beim Erny Lamborelle: Tel. 920 238 oder 621 166 614.

Generalversammlung vun der Sektioun direkt nom lessen.

D’Joëres-Cotisatioun vun 10,00 € soll der w.e.g. iwwerweisen op eise Compte CCRA LU84 0090 0000 0250 9529.

Mëttes ab 15.00 bis 17.30 ass rëm Visite vum Bunker

# Opruff

**Ech siche no Komeroden, déi de 9. Abrël 1945 zu Königsberg vun de Russe gefaange gi sinn an dunn no Gorka a Sibirien an d’Lager koumen.**

**Mir sinn de 26. November 1945 do entlooss ginn an de 7. Dezember 1945 zu Lëtzebuerg ukomm.**

**Nic. HANSEN**
**19, avenue Emile Reuter**
**L-2420 Luxembourg**
**Tel. 43 49 35**

# Neijooschwënsch

***Et as wuel ongewéinlech, datt am Mee nach Neijooschwënsch presentéiert gin, mee dat as doduerch bedingt, datt d'Redaktioun déi elo réischt iwermëttelt kritt huet. Di heite Wënsch gëllen demno réckwiirkend op den 1. Januar …***

***Sektioun Contern***

M. Jean-Jacques Arensdorff, Mutfert
M. Atten Edouard, Mutfert
Mme Mariette Atten-Haag, Mutfert
Mme Jeanny Bos-Thill, Mutfert
M. Théo Dennewald, Mutfert
M. Roger Diederich, Conter
M. Constant Goergen, Conter
Mme Maisy Have-Schmit, Éiter
Mme Astride Holzmer-Hemmen, Mutfert
M. Françis Jung, Sandweiler
M. René Keyser, Lëtzebuerg
M. Guy Lorent, Mutfert
M. Jean-Marie Mangen, Conter
M. Jos Medinger, Conter
Mme Marcelle Medinger-Heuertz, Conter
Mme Gritty Meyrer-Beissel, Bech-Klengmaacher
M. Roger Meyrer, Bech-Klengmaacher
M. Roby Muller, Conter
Mme Nicole Muller-Melchior, Conter
M. Jean Ney, Conter
M. Claude Schmit, Éiter
M. Marco Schmit, Éiter
M. Jim Schmitz, Éiter
M. Rodolphe Tanson, Mutfert

***Sektioun Iechternach***

M. Jos Dasbourg, Éinen
Mme Marie Denise Follmann-Kruft, Iechternach
Mme Suzanne Giefer-Schmit, Iechternach
Mme Suzette Gruber-Paulus, Stenem
Mme Yvonne Gruber, Iechternach
M. André Hartmann, Iechternach
Mme Malou Hartmann-Bemtgen, Iechternach
Mme Raymonde Hatz-Houth, Iechternach
M. Camille Hoffmann, Befort
Mme Hélène Hoffmann-Demuth, Iechternach
M. et Mme Bernard Hoffmann-Ries, Rouspert
Mme Hélène Hoffmann-Sauber, Iechternach
M. Jean-Pierre Jans, Iechternach
Mme Alice Kieffer, Éinen
Mme Margot Kieffer-Schuller, Iechternach
Mme Rose Knepper-Hirtt, Iechternach
M. Lucien Lengler, Iechternach
M. Pit Lengler, Iechternach
Mme Jeanine Lorenz-Wagner, Iechternach
M. et Mme Joseph Loschetter, Lëtzebuerg
M. et Mme Paul Ludowissy-Domm, Bäereldéng
M. Joseph Mathieu, Iechternach
Mme Lydie Melchers-Storck, Iechternach
M. et Mme Daniel Mertz-Storck, Stenem
Mme Marie Meyer-Conter, Iechternach
M. et Mme Léon Millen-Bauler, Bäerdref
Mme Irme Mohr-Quint, Iechternach
M. Edmond Neu, Iechternach
Mme Nelly Neu-Weidert, Konsdrëf
M. Fred Neyen, Iechternach
Mme Joséphine Neyen-Kind, Iechternach
M. et Mme Alphonse Niederweis, Bech
Mme Catherine Nilles-Dieschbourg, Diddeléng
M. et Mme Emile Oberlinkels-Wehr, Iechternach
Mme Liliane Peffer-Bortuzzo, Bech
M. Max Pesch, Iechternach
M. et Mme Michel Raas, Bäerdref
Mme Eugénie Reisdorf-Linden, Kalkesbaach
M. et Mme Francis Reuter-Schmit, Iechternach
M. et Mme Louis Sauber-Wehr, Iechternach
Mme Lily Schmartz-Eiffes, Bäerdref
M. Paul Schneider, Briddel
M. et Mme Nicole Schneiders-Jentgen, Iechternach
M. et Mme Jean-Pierre Schumacher-Oberweis, Scheedgen
M. et Mme Paul Schwebag, Iechternach
M. et Mme Aloyse Steinmetz, Iechternach
M. Marcel Steinmetz, Iechternach
Mme Marie Stephany-Reding, Iechternach
M. Jean-Claude Strasser, Iechternach
M. Théo Thiry, Iechternach
Mme Christiane Koster, Iechternach
Mme Adelaide Trierweiler, Iechternach
Mme Lis Tibesart, Méchelshaff
Mme Denise Wagener, Iechternach
M. et Mme Nic. M. Wagener-Beauvent, Iechternach
M. et Mme Ernest Wagner, Iechternach
M. le Curé-Doyen Théo Walin, Iechternach
Mme Jeanne Weber, Iechternach
M. René Welter-Peffer, Iechternach
Mme Germaine Welter-Eisen, Konsdrëf
Mme Suzette Welter-Kieffer, Scheedgen
M. Yves Wengler, Iechternach
Mme Tilly Wengler-Schneiders, Rouspert
Mme Marie Werdel-Hoffmann, Rouspert
Mme Leontine Weydert-Conter, Befort
Mme Maria Witry-Modert, Uesweiler
M. et Mme Joseph Wohner, Iechternach
M. et Mme Joseph Zeimetz, Iechternach
Mme Rosy Zimmer-Fleischmann, Iechternach
M. André Zirves, Iechternach

# In Pace

**D'Amicale des Enrôlés de Force**

**Sektioun Diddeleng an Ëmgéigend**

trauert ëm hir verstuerwe Komeroden am Joër 2012

**Eugène SCHUMMER**
**Jos. BRITZ**
**P. FRIEDRICH-KREINS**
**Nelly THÉOBALD-HOSS**
**Elise HERGES-THOMMES**
**Nicolas BOUR**
**Roger PLEGER**
**Maria DIEDERICH-HOSS**
**René JAGER**
**Clémence BEMTGEN-STEINBORN**
**Fernande DÜREN-ASSA**
**Marie PRIM-LORENTZ**
**Zaira BERENS-IGNITI**

# Agenda

| | |
|---|---|
| ***5. Mee 2013*** | Awéiung Bunker zu Knapphouschent |
| ***11. Mee 2013*** | Nationalkongress vun der Federatioun zu Gréivemaacher |
| ***1. September 2013*** | Journée commémorative vun den Zwangsrekrutéierten |
| ***9. November 2013*** | Tambower Dag |

# Sommaire


Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten zu Gréiwemaacher ........ 2

Wëllkomm zu Gréiwemaacher ........ 3

Umfangreiche Datenbank über Luxemburg und die Zwangsrekrutierung fertiggestellt ........ 3

Commemoratioun Massaker Sonnenburg – Usprooch vum Erny Lamborelle ........ 5

„Sonnenburg“ – Usprooch vum Abbé André Heiderscheid ........ 6

Meine Jugendjahre 1940-1945 / Jos. Bausch (Teil 10) ........ 7

Noruff op de Robert Thilmany vu Réiden/Atert ........ 9

Invitatioun den 5. Mee 2013 zu Knapphouschent ........ 10

Opruff ........ 10

Neijooschwënsch ........ 11

In Pace ........ 11


Redaktiounsschluss fir déi nächst Nummer ass den 15. Juli 2013


**Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé**
3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg
Tél. 247-88189, fax 24 87 30 53, e-mail secretaire@cdsef.etat.lu

**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
**c/o Michel Ury**, secrétaire général, B.P. 22, L-9901 Troisvierges
Tél. 691 24 16 20, fax 26 90 80 51 – email: mich@ury.lu
**CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin «Les Sacrifiés»: c/o François Jacques**
1A, rue de Kirchberg, L-1858 Luxembourg, tél. (691) 48 06 76

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: c/o Chantal Gansen**
2B, rue des Champs, L-8285 Kehlen, tél. 26 10 26 51

**Service social aux Enrôlés de Force: c/o Danielle Wenzel**
64, rue Belair, L-3820 Schifflange, tél. 621 18 64 11

**Amicale des Anciens de Tambow**
**c/o Léon Weis**, secrétaire, 14, rue du X Octobre, L-7243 Bereldange, tél. 33 86 35
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Impression:** CTIE – Division Imprimés et Fournitures de bureau